

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5161 - Projet de loi portant modification
1. de la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;
2. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;
3. de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;
4. du Code du Travail;
5. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
6. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux
- (Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
2. 5624 - Projet de loi abrogeant:
- la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies),
- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 concernant les sociétés holding, pris en exécution de l'art. 1^{er}, 7^o alinéas 1 et 2 de la loi du 27 décembre 1937,
- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding Companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à 24.000.000 euros au moins,
- la loi modifiée du 12 juillet 1977 modifiant et complétant a) la loi du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) modifiée par l'article 21 de la loi du 29 décembre 1971 et b) l'arrêté grand-ducal du 17 décembre 1938, sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à un milliard au moins, modifié par l'article 22 de la loi du 29 décembre 1971,
- le règlement grand-ducal du 29 juillet 1977 fixant le minimum du capital social libéré dont doit disposer une société holding pour être admise au bénéfice des dispositions fiscales de l'article premier de la loi du 31 juillet 1929,
- la loi du 21 juin 2005 portant modification de l'article 1^{er} de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)
- et fixant une période transitoire jusqu'au 31 décembre 2010 pour le maintien temporaire de ces régimes
- (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
3. 5610 - Projet de loi relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg
- à l'initiative d'allègement de la dette multilatérale de l'Association Internationale de Développement
- et
- à la septième reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole
- (Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
4. 5626 - Projet de loi portant rectification du Code du travail
- (Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.
(Début de la séance publique à 14.32 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Da komme mer direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5161 iwwert de Congé parental. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Calmes, d'Madame Spautz, den Här Adam, den Här Gibéryen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den

honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf!

1. 5161 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;

2. de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;
3. de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;
4. du Code du Travail;
5. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
6. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Här President, Madame Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut e Projet de loi zur Debatt, deen e laange Wee hanner sech huet. Den 19. Mee 2003 huet d'Familljeministes e Projet zur Ofännerung vum aktuelle Gesetz iwwert de Congé parental abruecht an haut, dräi an en halleft Joer duerno, komme mer zur Ofstëmmung am Plenum. Dat schéngt mer Grond genuch, fir awer e kuerzen Historique zum Werdegang vum virleiende Projet ze maachen, ier ech dann d'Neierunge vum Text wëll virstellen.

De Projet de loi ass nom Dépôt am Mee 2003 vun de Beruffschamberen a vum Comité du travail féminin aviséiert ginn. Den éischten Avis vum Statsrot datéiert op den 30. Mäerz 2004. De Projet de loi ass dunn an d'Chamberkommissioun „Plan d'action national en faveur de l'emploi" verwise ginn. Eng Spezialkommissioun, déi awer no de Chamberwahlen 2004 net méi zrëckbehale ginn ass. Doropshin huet de Projet de loi missen an eng aner Kommissioun iwwerwise ginn, an ass an d'Familljekommissioun weidergereecht ginn. Den éischt genannte Rapporteur Marcel Glesener aus der Spezialkommissioun ass am Oktober 2005 duerch meng Persoun ersat ginn.

Dëse Projet huet fënnef Serië vun Amendementer zënter sengem Dépôt am Mee 2003 kannt: vun der Regierung am Juli 2005 an am Juni 2006, a vun der Chamberkommissioun selwer am Oktober 2005, am Dezember 2005 an am Juli 2006.

Wat ass awer de Grond gewiescht, fir d'Gesetz vum 12. Februar '99 iwwert de Congé parental ofzeänneren? De Gesetzesprojet zur Ofännerung vum Congé parental hat an huet nach ëmmer zum Zil eng Rei Dispositionen aus dem aktuelle Gesetz ze preziséieren, fir den aktuellen Interpretatiounsspillraum ze verklengeren, aus der Praxis vun den zoustänneg Beamten erliefte Schwieriegkeeten aus dem Wee ze raumen an domadder déi praktesch Uwendung vun den Dispositionen ëm de Congé parental ze verbessern.

Ech wëll drun erënneren, datt de Congé parental hei am Land agefouert ginn ass opgrond vun enger EU-Direktiv vum 3. Juni '96, déi en individuellt Recht vu minimum dräi Méint Congé parental fir all Elterendeel, dee schafft, garantéiert. E Recht, dat entsteet duerch d'Gebuert oder d'Adoptioun vun engem Kand. D'Gesetz vun '99, dat déi Direktiv vu '96 transposéiert an am November '92 évaluéiert ginn ass. D'Gesetz vun '99 hat déi Evaluatioun am Gesetz selwer virgesinn, wéi se och virgesinn huet, datt d'Durée vum Congé parental automatesch géif reduzéiert ginn, falls keen neit Gesetz virum 31. Juli 2003 géif a Kraaft trieden, dat deen ale Regime géif verlänger.

D'Etüd iwwert de Congé parental vun 2002 huet besonnesch déi familljepolitesch Aspekter wéi och déi vun der Chancëgläichheet als ganz positiv ervirgestrach. Déi aarbechtsmaartpolitesch Konsequenz war an ass och haut nach sécher schwéier ze moossen, mä si ass mat Sécherheet reell. An och den Impakt vum Congé parental op de Chômage ass do, wann en och

vläicht méi kleng ass wéi e sech zu verschiddene Momenter erhofft ginn ass.

En vue vun de Konklusiounen vun dëser Etüd a vun de positive Reaktiounen vun alle Be-deelegten - vun de Sozialpartner, vun der Regierung, vun den Elteren - gouf décidéiert de Congé parental an de Congé pour raisons familiales ze verlängeren, ouni awer Ännerungen zu deem Zäitpunkt um Niveau vun der Dauer oder vun aneren Dispositionen virzehuelen. D'Gesetz vum 18. Juli 2003 verlängert de Congé parental op onbegrenzten Dauer. D'Regierung mat de Sozialpartner ware sech awer gläichzäiteg eens, datt ee misst de Kader vum Congé parental preziséieren, virun allem fir de Betriber entgéintzekommen, déi oft organisatoresch Problemer mat der Gestiou vum deem Congé hunn. Dat ass eigentlech den Objet gewiescht vum virleiende Gesetzesentwurf.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll da probéieren an där kuerzer Zäit, déi ech hunn, op déi wesentlech Ännerungen an Innovatiounen vum Text anzegoen.

Éischtens emol ass et esou, datt d'Dispositionen iwwert de Congé parental am Kader vum neie Code du Travail integréiert ginn. Vu datt awer de Code du Travail sech weder un d'Statsbeamten nach un d'Gemegebeamten adresséiert, ginn déi Dispositionen och an deene Gesetzter iwwert de Statut vun de Statsfunktionnairen an de Gemegefunktionnairen ageschriwwen. Den Titel vum Projet de loi dréit dëser legislativer an transparenter Ëmsetzung Rechnung. De modifizéierten Text vum 99er Gesetz regelt dann nach just déi finanziell Konditiounen an déi speziell Situatiounen vun den Indépendanten.

Am Gesetz gëtt och de Basiskritär, deen iwwerhaupt d'Recht op de Congé parental begrënt, preziséiert. De Projet iwwerhëlt op dësem Punkt genee de Kritär vun der Direktiv vu '96. Den Text preziséiert vun elo un, datt d'Elteren e Recht op de Congé parental hu wéinst der Gebuert oder der Adoptioun vun engem Kand. Bis elo stoungen am Gesetz d'Konditiounen, an deenen ee Congé parental kann hunn, ouni de Basiskritär ze ernimmen.

Drëttens ass et esou, datt d'Bedingung, dat Recht op de Congé parental besteet, wann en Aarbechtsvertrag oder en Ausbildungsvertrag während der ganzer Zäit vum Congé parental virläit. Déi Bedingung kënnt elo kloer aus dem Text ervir.

Eng véiert Ännerung ass déi, datt d'Condition d'occupation et d'affiliation continue - wéi se heescht - mam virleienden Text ofgeschwächt, atténuéiert gëtt. Bis haut ass et esou, datt d'Eltere mussen zwielef Méint schaffen a sozial verséichert sinn, fir kënne vum Congé parental ze profitéieren; déi zwielef Méint virum Ufank vum Congé parental. Dat féiert awer an der Praxis dozou, datt deen een oder deen aneren een Dag Ënnerbriechung huet innerhalb vun deenen zwielef Méint, an dann d'Recht op de Congé parental net méi ka wouerhuelen. Mat dem virleiende Projet ännert sech dëst. Den Text erlaabt elo eng oder méi Ënnerbriechungen an dësen zwielef Méint virum Untrëtt vum Congé parental, wann déi Ënnerbriechungen am Total manner wéi siwen Deeg ausmaachen.

Fënneftens, den neien Text dréit der Situatioun vun deene Leit, déi hire Patron wieselen, entweder am Laf vun deenen zwielef Méint virum Congé parental oder während dem Congé parental, Rechnung. Si behalen elo d'Recht op de Congé parental, wann deen neie Patron domadder d'accord ass.

Eng sechst Ännerung ass - et ass och eng, déi fir e bëssen Diskussioun an der Kommissioun gefouert huet - eng, déi agefouert ginn ass och op d'Demande hi vum Patronat a mam Accord vun der Tripartite, an déi als Zil huet, fir de Betriber eng besser Planung vun de Remplacementen ze erméiglechen. Et geet Rieds vun den Notifikationsdélais fir d'Demande vun engem Congé parental nom Congé de maternité.

De Projet gesäit vir, datt den Demandeur vum Congé parental schonns zwee Méint virum Ufank vum Congé de maternité sengem Patron muss matdeelen, ob en de Congé parental ufreet oder net. Bei der

Adoptioun muss deen Elterendeel, dee gären de Congé parental direkt nom Congé d'accueil an Usproch wëllt huelen, sengem Employeur Bescheed soen, ouni awer selbstverständlech déi Délaie vun zwee Méint ze respektéieren, wat materiell net ëmmer méiglech ass. Domadder gétt och der Situatioun vun den Adoptanten, déi jo speziell ass, Rechnung gedroen.

Dann ass et esou, datt d'Aarbechtsdauer am Kader vum virleiende Projet och anescht definéiert gétt, well de Congé parental jo och eréischt a Kraaft trëtt wann een eng gewëssen Zuel vu Stonne bei sengem Patron schafft. Dat gétt prezisiéiert, an et gétt dobäigefouert, datt Ännerungen, déi nom Datum vun der Demande fir de Congé parental duerchgefouert ginn, net méi zur Considération geholl ginn, wat d'Feststellung vum Recht op de Congé parental betrëfft. Op dës Manéier kënnen also no-dréiglech Ännerunge vun den Aarbechtsstonnen no uewen oder no ënnen d'Recht op de Congé parental net méi beaflossen.

Aachtens ass et esou, datt et Prezisioune gétt fir de Fall, wou e Salarié seng Aarbechtsplaz wëllt opginn nom Congé parental. Den aktuellen Text regelt dat net. Nom neien Text muss de Salarié sengem Employeur duerch en ageschriwwene Bréif an den Délaie vun enger normaler Kënnegung Bescheed soen a seng Entscheedung matdeelen. Wann en dëst net mécht, besteet e Kënnegungsgrond op de Säite vum Patron.

Da ginn d'Hypothesen, an deenen de Congé parental ka refuséiert ginn, limitéiert a prezisiéiert. Nom virleienden Text kann e Patron den éischte Congé parental, also deen, deen direkt um Uschloss un de Congé de maternité geholl gétt, nëmmen da refuséieren, wann en net an den Délaie an an de Formen ugefuert ginn ass, déi gesetzlech festgeluecht ginn. Den zweete Congé parental kann net refuséiert ginn. De Patron kann, tout au plus, a verschiddene Fäll dëse Congé op e spéideren Datum verleeën, ënner Konditiounen, wat de Betrib oder d'Wichtigkeet vun der Persoun am Betrib ubelaangt. Et bleift awer och nach ze bemierken, datt en de Congé parental vu sechs Méint temps plein net ka refuséieren, datt awer de Congé parental à mi-temps op en Accord tëschent Salarié an Ugestellte baséiert.

Eng vun deene wichtigsten Innovatiounen zum virleienden Text ass et awer och, datt d'Salarié formell d'Recht kréien, fir hir Relatioun mam Betrib oprechtzeerhalen. Si kréien dat unerkannt, sief dat an der Form vun enger fräiwëlleger Participatioun u Weiterbildungsmoossnamen oder och un Informatiounsréuniounen, déi während dem Congé parental an hirem Betrib ofgehale ginn. Op déi Manéier gétt et hinnen erméiglecht de Kontakt mam Betrib ze halen, ouni awer an d'Situatioun vun enger Aarbechtsleeschtung ze kommen.

Et ass esou eng fräiwëlleg Moossnam, déi hinnen et erlaabt, de Kontakt mam Betrib ze halen, un den Informatiounen deelzehuelen an nom Congé de maternité respektiv Congé parental dann eigentlech méi einfach erëm kënnen an de Betrib eranzekommen.

Eeleftens ass et esou, dass eng nei Schwangerschaft oder en neien Accueil während dem Congé parental bis elo zur Ännerung, also zur Ënnerbriechung vum Congé parental, ergo zum Enn och vum Ausbezuale vum Congé parental gefouert huet. Op déi Manéier kruten also déi Betreffend net déi ganz Méint Congé parental ausbezuelet.

Mat dësem Projet de loi ginn elo awer déi verbleiwend Méint an esou engem Fall, wou während dem Congé parental also ee Congé d'accueil oder een nächste Congé de maternité antrëfft, einfach hannert de Congé de maternité oder de Congé d'accueil hannendru gehaangen. Op déi Manéier kritt all Kand och d'Recht zu senger ganzer Regelung.

Schliesslech ginn nach Dispositiounen iwwert d'Berechnung vum RMG agefuert an nach eng Rëtsch kleng Neiegkeeten. Klenggekeeten, déi ech eigentlech hei aus Zäitgrënn net méi kann ernimmen.

Et gétt nach zwou Saachen, déi ech awer wëll oder, mengen ech, och muss ervirsträchen. Dat ass dee Punkt vun der Desindexéierung. D'Familljekommissioun huet

den Text esou adaptéiert, dass en déi nei Indexdispositiounen, déi am Gesetz vum Juni 2006 zrëckbehale gi sinn, zrëckspigelt. Dat Gesetz also, wat den Indexsystem vu sämtleche Leeschtungen ëmgeännert huet, ënner anerem och vun den Indemnitéite vum Congé parental. Déi Montantë stinn elo fest am Gesetz, sinn 1.778,31 Euro pro Mount à plein temps an 889,15 Euro fir de Mi-temps.

Eng Diskussioun gouf et an der Kommissioun iwwert d'Opportunitéit, ob een net misst an dësem Projet en Datum asetzen, zu deem een dann erëm kéint op en indexgebunnene Montant zrëckkommen. Déi Diskussioun ass awer esou ausgegangen, dass de Gesamtkader vum Gesetz vum Juni iwwert den Index och als Gesamtgesetz erëm soll zur Dispositioun kommen an net elo schonns a sengen Einzeldeeler soll diskutéiert ginn.

Dee leschte Punkt, Här President - meng Zäit ass zwar schonn ofgelaf -, deen ech awer nach wëll ernimmen, dat ass eng Innovatioun, déi de virleienden Text mat sech bréngt. E schafft nämlech e Congé non indemnisé. Dat ass nei, an et gétt zwou Zorte vu Leit, déi kënnen dovunner profitéieren. Déi éischt Zort ass déi, déi Kanner erzuenn hunn an och haut dann erzéien, déi den 1. Januar 1999 nach keng fënnef Joer haten.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Här Rapporteur, sidd Der schonn...?

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Esou vill!

(Hilarité)

» M. le Président.- Jo, mä Dir sidd scho bal zwou Minutten iwwert d'Zäit.

» Une voix.- Schrecklech!

» Une autre voix.- Här President, dat doten ass awer wichtig.

» M. le Président.- Et ass wichtig, jo.

(Interruptions diverses)

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Et ass wichtig. Merci fir d'Chance. Ech maachen elo ganz séier.

An där aler Textfaassung, et geet also ëm déi Kanner, déi den 1. Januar 1999 nach keng fënnef Joer haten, déi eigentlech jo dann net konnte vun deem zweete Congé parental profitéieren. De virleienden Text gétt hinnen elo déi Méiglechkeet, dat nozehuelen. Dat heescht, déi Eltere kënnen ee Congé awer vu Minimum dräi Méint a Maximum sechs Méint, deen och net bezuelt gétt, also eng flexibel Dauer huet, mä awer net rémunéréiert gétt, kréien.

Dës Erneuerung dréit engem Arrêt vun der Cour de Justice européenne Rechnung vum Abrëll 2005, wou virgeworf ginn ass, dass d'Eltere vu Kanner, déi ebe virum 31. Dezember 1998 op d'Welt komm sinn oder adoptéiert goufen an déi keng fënnef Joer haten, wéi dat éischt Gesetz eben zum Congé parental a Kraaft getrueden ass, benodeelegt wieren.

An da kënnen vun där Méiglechkeet och weiderhin elo déi Eltere profitéieren, déi de Choix maachen, fir den éischte Congé parental net uschléissend un de Congé de maternité ze huelen. Hinne gouf bis elo keng aner Congésméiglechkeet zougestanen. Si kënnen awer an Zukunft dräi Méint onbezuelte Congé ufroen, fir en Zäitpunkt, deen ebe besser an hire Liewensprojet passt.

Souwäit, Här President, zu de wichtigen Neierunge vun dësem Gesetz. Et war en Dossier, dee schwierig war, immens technesch, dee ganz vill Aarbecht hat, mengen ech, bei all deenen, déi domadder betraff waren. Duerfir wëll ech vun dëser Plaz aus all deenen, déi an dësem Dossier ganz vill Stonne verbruecht hunn, e ganz grouse Merci soen. An domadder géif ech mäi Rapport als Rapporteur schléissen, awer ech wëllt nach ee Moment heibleiwen, wann et geet.

» M. le Président.- Jo, voilà, elo hutt Der déi beschten Zäit, Här Schaaf. Dir hutt elo 34 Minutten Zäit fir ze schwätzen.

(Interruptions et hilarité)

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Ech hätt dat sollen ëmdréinen.

» M. le Président.- 34 minus déi 4, déi Der schonn iwwerzunn hutt, ...

(Hilarité)

... bleiwen der awer nach 30 iwwreg.

Discussion générale

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV).- Merci, Här President.

Ech wëll awer nach e puer Wuert am Numm vu menger Fraktioun hei zu dësem Projet soen. Also all Projet de loi identifizéiert sech jo iwwer eng Nummer. Dëse Projet de loi dréit déiselwecht Zuelen, wéi dee vill zitéierte 5611, just an enger anerer Reiefolleg. Dat hei ass den 5161. Et sinn déiselwecht Zifferen dran, mä en huet awer manner Brisanz an der Öffentlichkeet gehat. E fënnert manner Opmierksamkeet, obwuel awer dëst Gesetz ville Leit eng Méiglechkeet garantéiert an hirem Liewen, e Stéck geliefte Familljepolitik am positiivste Sënn vum Wuert ze realiséieren.

(Interruption)

De Congé parental ass zu Lëtzebuerg eng Institutioun. Jiddferee kennt en, an e fënnert bei all deenen, déi an hirem Liewe Mamm a Papp ginn duerch d'Gebuert vun engem Kand oder duerch d'Adoptioun, eng grouss Bedeitung. Doduerjer, dass een e Recht op e bezuelte Congé kritt, stellt sech fir all déi, déi kënnen dovunner profitéieren, nämlech eng wichteg Fro: D'Fro, ob se wëllen, wa se an de Konditiounen sinn an et hinne méiglech ass, doheem bleiwen, fir sech intensiv ëm hiert Kand ze këmmern.

Wann ee Mamm oder Papp gétt, schafft an e Recht op Congé parental kritt, da schafft dat Recht eben och eng familiendynamesch Iwwerleeung. Béid Elterendeeler musse sech Gedanken ëm hiren Erzéiungsauftrag an ëm hir Organisatioun an der Famill maachen. D'Recht op Congé parental ass implizit och den Hiwäis op eng Eegeverantwortung fir d'Erzéiung vun de Kanner. Besonnesch fir d'Männer, déi manner dacks Congé parental huele wéi d'Fraen, ass et eng wichteg Erfahrung, sech virun der Fro nom Jo oder Neen zum Congé parental ermëzefannen a sech festzeleeën.

Zwee aktiv Elterendeeler leeschten an der Regel méi wéi een. Dat ass wouer, wann et ëm déi wirtschaftlech Leeschtung an Ofsecherung vun der Famill geet. Et ass grad esou wouer, wann et ëm d'Erzéiungsaufgabe geet. Eng rezent amerikanesch Etüd ënnersträicht d'Wichtigkeet vum Papp an der Erzéiung. Et kënn zu enger anerer Beziéung zum Kand. D'Partnerschaftsbeziéung intensivéiert sech a gëtt noweislech och méi dauerhaft. Et kënn zu engem anere Verständnis ënnereneen. Et kënn, statistesch gesinn, zu manner Gewalt am Stot, a souguer am Fall vun enger Trennung oder vun enger Scheedung kënn et zu manner problemateschen Trennungssituatiounen.

Am Ablack gi pro Mount 3.260 Congéparentalen ausbezuelet. 59% oder ronn 60% si plein temps a ronn 40% si mi-temps. All Mount kommen an der Verwaltung iwwer 500 nei Demanden eran. Dräi Véirel si Fraen an ee Véirel sinn entre-temps Männer. Viru véier Joer war et nach manner wéi e Fënnfstel Männer, déi de Congé parental gefrot hunn. Also och do ass eng Entwécklung feststellbar. Si geet lues, mä si geet, an a Richtung vun enger gewësser Chancëgläichheet.

» Une voix.- Wonnerbar!

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV).- Den éischte Congé parental gétt virun allem vu Frae gefrot un Uschloss un de Congé de maternité. An deem Fall sinn et 22-mol méi Frae wéi Männer beim éischte Congé parental. Beim zweeten ass et ëmgedréint, do sinn et véier Mol méi Männer wéi Fraen, déi e froen.

Déi ënnerschiedlech Demanden, déi leien op villen Ursaachen a solle virun allem och net Ulass ginn zu vereinfachten Interpretatiounen. De Congé parental stellt net nëmmen e Recht duer fir all Elterendeel, e stellt och eng Erausforderung duer fir all Patron vun enger Entreprise. Et ass ni einfach fir e Patron, e gudd Mataarbechter während e puer Méint ze ersetzen.

Ech wëll duerfir am Numm vun der CSV-Fraktioun vun dëser Plaz an an dësem Kontext de Respekt ausdrécke virun all deene Patronen an Entreprisen, déi hiren Deel dozou bäidroen, fir dass de Congé parental ka mat Erfolleg duerchgefouert ginn. Vum Patronat erwaarde mer jo net nëmmen, dass et d'Gesetz respektéiert. Mir zielen och op hiert Verständnis vis-à-vis vun hirem Personal, op hir moralesch Ënnerstëtzung vum Wonsch fir d'Kand opzëbréngen. Mir zielen op hir Bereetschaft, sech betrieblech ze organiséieren, a mir zielen op hir Bereetschaft, nei Mataarbechter an engem Zäitvertrag am Betrib unzeléieren an domadder eng aktiv Roll och an der Chômage-Bekämpfung ze spillen.

Well de Congé parental net fonctionnéiert als e Recht vum Salarié géint säi Patron,

duerfir sinn e puer Ännerungen am Gesetz, déi dem Patronat méi gerecht ginn, och aus eiser Siicht ze begrëssen. D'Demande muss eben zwee Méint virum Congé de maternité gemaach ginn; wann een nom Congé parental seng Aarbecht net méi wëllt erëm ophuelen, dann zielen eben d'Kënnegungsdélaie fir dat matzedeele. Wa während dem Congé parental een dat wënscht, kann de Kontakt mam Betrib a mat de Formatiouns- an Informatiounsméiglechkeeten erhalte bleiwen. Déi Ännerunge sollen dozou bäidroen, d'Organisatioun vum Betrib ze vereinfachen a sinn och op en Accord mat de Sozialpartner zrëckzeféieren.

Dëse Projet verbessert déi bestehend Gesetzgebung, mécht se méi prezis an domadder och besser géréierbar fir d'Administratioun vun der Kannergeldskeess, déi an dësem Dossier eigentlech eng enorm Aarbecht mat all dësen Demandé vun de Résidenté wéi vun de Frontalière mécht.

Déi zäitlech begrenzt Aféierung vun der Indexatioun gétt vun enger Rei vu Säite kritiséiert. Et ass och sécher keng Moossnam, déi am Interessé ass vun akommeschwaache Familljen. Duerfir ass et och heibanne kengem liichtgefall, dëst ze maachen, wat awer muss gemaach ginn.

Wann ee Politik als e Gesamtwierk gesäit an net eenzel Aspekter eleng an de Vierdergrond stelle wëllt a se esou géint anerer ausspilt, dann ass et net anescht méiglech wéi et elo geschitt ass. D'CSV-Fraktioun dréit duerfir am Hibleck op déi Gesamtnoutwendegkeet vun den Erausforderunge vun eisem Land och déi Tatsaach, dass de Congé parental op sengem, am Vergläich zum Ausland, ganz héijen Niveau bleift, déi nächst Joren. Mir droen domadder och den Tripartite-Beschléss Rechnung.

De Projet de loi schafft ee weideren Typ vu Congé, déi dräi respektiv dräi bis sechs Méint onbezuelte Congé. Dat ass e weidert Puzzlestéck an der Panoplie vu Méiglechkeeten, Beruff a Familljeninteressen ënner een Hutt ze kréien. Et handelt sech hei net ëm eng zweet Kategorie vu Congé parental, well jidder Elterendeel jo säin eegent Recht op ee bezuelte volle Congé huet. Et ass de libre choix vum Einzelnen, sech net fir dëse bezuelte volle Congé, mä fir en onbezuelte während dräi Méint ze entscheeden. Duerfir kënnen mir och dës Moossnam matdroen, déi sech aus juristesche Grënn opdrängt an déi kengem eppes ewechhëlt.

Dëse Projet bëinhalt eng Hällewull vu klengen a groussen Upassungen, déi sech an der Praxis erginn an déi ech hei net méi wëll am Einzelne belichten. Rechtlech Onsécherheete verschwannen, den Interpretatiounsspillraum gétt méi kleng, Verbesserunge fir den Demandeur a fir de Patron ginn agefuert an et gétt keng Leeschtung gekierzt.

Ech mengen, dass dës Adaptatiounen vum Congé-parentals-Gesetz no laangen Diskussiounen an der Chamberskommissioun, am Ministère, an der Kannergeldskeess, am Statsrot, an de Beruffschamberen, an de Fraktiounen ee gelongene Kompromëss un allen Interessenten an Interessen duerstellt. Duerfir sinn ech frou hei kënnen den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ze ginn.

Merci.

» Une voix.- Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Dir hutt nach 20 Minutten Zäit, Här Schaaf.

(Hilarité)

» Une voix.- Villmools Merci!

(Hilarité)

» M. le Président.- Merci, Här Schaaf. D'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner. Dat ass den honorabelen Här Emile Calmes.

(Interruption)

Här Bettel, et ass elo um Här Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

» M. Emile Calmes (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech dem Rapporteur hei wëll félicitéiere fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, souwuel säi schrëftleche Rapport wéi och säi mëndleche bëinhalten all d'Elementer, déi mat dësem Gesetz hei ze dinn hunn. E Gesetz, wat jo net eréischt récemment déposéiert ginn ass, mä wat schonn dräi Joer al ass, esou wéi a sech dat éischt Gesetz vun 1999 dat virgesinn huet, wat zrëckgeet op d'PAN-Gesetz vun deemools, wat sengerzäit d'Bestëmmunge vun

enger Direktiv iwwerholl huet, déi a sech nëmmen den Accord-cadre tëschent den europäesche Patronen an den europäesche Gewerkschaften iwwerholl huet, wou deemools e Konsens fonnt ginn ass, fir minimalistesch Bestëmmungen am Kader vum Congé parental ze huelen, wou et a sech de Länner awer iwwerlooss ass, iwwer hir Gesetzgebung respektiv iwwer Kollektivverträge dat hei an hire Länner ëmzesetzen.

Ech mengen, dat Gesetz hei ass gespéckelt ginn an der Zwëschenzäit mat enger Partie Amendementer, nodeem déi eng an déi aner sech zu Wuert gemellt haten, mä wou een dann awer um Schluss ka festhalen, datt deene verschiddene Bedenke Rechnung gedroe ginn ass an datt a sech e Kompromëss fonnt ginn ass tëschent op där enger Säit der Patronatssäit an op där anerer Säit den Intérète vun de Salariéen, esou datt et dee gréisstméigleche Kompromëss duerstellt op där enger Säit, op där anerer Säit awer och eng Partie Korrektur konnte gemaach ginn opgrond vun den Erfahrungen, déi opgrond vum éischte Gesetz gemaach gi sinn.

Dat erlaabt mer dann natierlech och, net méi brauchen am Detail op déi verschiddene Bestëmmungen anzegoen. Ech mengen, de Rapporteur huet déi hei wirklech gutt ervirbruecht. An domat kann ech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun direkt zu deem Gesetz hei bréngen.

Ech wëll vläicht eng Partie Remarquë méi maachen am Kontext vun dësem Gesetz. Am Virfeld, opgrond vum Artikel 19, hate mer eis engagéiert, fir eng Etüd ze maachen no zwee Joer, wat dat Gesetz hei da géif bréngen. Ech mengen, d'Resultater kënnt Der all an där Etüd hei virbréngen.

Zwee Drëttel vun de Fraen hu Gebrauch gemaach vun deem wat se konnten. Wann een dat dann emol esou liest, sinn dann ee Véirel dovun Lëtzeburger Fraen, dann en anere Véirel sinn da praktesch Residenten hei, déi awer eng aner Nationalitéit hunn, an déi aner Halschent vun deenen, déi profitiert hunn, si gréisstendeels da Frontalieren.

Et muss een awer wëssen, datt déi Direktiv och aus der Sicht gekuckt ginn ass aus natalisteschen Zwecker oder a Relatioun mat der Naissance, wat jo a sech och e Problem war mam Statsrot, deen dat liicht anescht gesinn huet. Wann een elo reng natalistesch Zwecker hei an deem Gesetz gesäit, an et weess een, datt nëmme 50% vu Residenten dovun Gebrauch maachen, da stellt ee sech d'Fro natierlech, wéi bei all de Lëtzeburger Familljemoosnamen, ob et hei net zu engem Èmdenke muss kommen an deem Sënn, datt een déi Allocatioun fir d'Famillien net anescht versicht ze verdeelen, fir wirklech fir eis déi Zwecker do dermat ze verbannen, datt se fir Lëtzebuerg dann eben een Intérêt hunn. Mä dat si filosofesch iwwerleeungen, déi relativ wäit géife féieren, mä eng Fro, déi mer eis awer ëmmer erëm hei stellen an dësem Kontext.

Dann ass et awer och esou, datt déi Direktiv, déi mer hei hunn, op d'mannst dräi Méint virgesäit, déi ee Leit - Mann oder Fra - kann zougestoen am Kader vun enger Gebuert, fir e Congé parental ze huelen. An d'Direktiv preziséiert, datt dat Ganzt a temps plein oder a temps partiel gemaach gëtt, wat mir jo a sech an deem Sënn respektéieren, datt mer entweder zwielef oder sechs Méint huelen, wou mer iwwer dat erausginn, wat d'Direktiv, déi a sech opgrond vun deem Accord do geholl ginn ass, virschreift.

Mä déi Direktiv gesäit awer och vir, datt dat ka fragmentéiert sinn an iwwer Crédit-temps a sech ka goen. A wann een op där anerer Säit gesäit, wéi vill Männer a sech vun deem Gesetz hei Gebrauch maachen, wat der relativ weéneeg sinn - ech mengen, dat muss ee soen -, da kann ee sech d'Fro stellen an deem Kontext hei, ob ee sech net Gedanke soll maachen, ob een net aner Weeër kann exploréieren, déi ee kéint goen, fir d'Männer och méi Gebrauch maachen ze loosse vun deem Gesetz hei. Et sinn aner Länner, déi sinn op eemol op de Congé de paternité iwwergaangen.

Oder et kéint ee sech awer och vläicht Gedanke maachen, ob een d'Männer net méi hei an d'Boot kann eranhuelen iwwer ee Congé, deen ee kann iwwer e puer Joer zum Beispill octroyéieren. Well d'Gesetz erlaabt et jo a sech, datt een op d'mannst muss dräi Méint de Leit zeguttgestoen, deem engen oder deem aneren, jee no wéi een dat ausleet, mä datt een dat awer ka maache bis d'Kand aacht Joer huet. Et huet een a sech Zäit.

A wann ee seet, datt een dat a sech ka fragmentéieren oder iwwer Crédit-temps ka fueren, da kéint ee sech zum Beispill iwwerleeunge maachen, ob een déi dräi Méint, déi een zegutt huet fir engem ze ginn, net kéint iwwer eng Partie Jore verdeelen. Ob

dat net iwwer méi wéi dräi, véier, fënnf Joer oder vläicht sechs Joer ka goen, wou och Länner op dee Wee gaange sinn, vläicht iwwer aacht Joer ka goen.

Et ass vläicht einfach komesch, wann een hei esou iwwerleeunge féiert, mä et kéint een zum Beispill dräi Méint huelen, an et géif ee soen, ma dat sinn esou vill Deeg, dividéiert duerch aacht Joer, déi mer zegutt hunn, an et kéint een da soen: Hei, Dir hutt d'Joer - wat weess ech - zéng oder 15 Deeg Congé méi; payant oder net payant, doriwwer kann ee jo dann diskutéieren, mä wou u sech dann och d'Männer méi kéinte Gebrauch dovun maachen an iwwer méi Congé, déi se d'Joer dann hätten, versichen, méi bei hire Kanner ze sinn.

Wéi gesot, et kann een elo net hei ufänken an d'Detailer dovun ze goen, mä ech mengen, datt wär awer ee Wee, an deen och vläicht de Patrone géif erlaben, dat méi liicht ze akzeptéieren - wat awer net sécher ass, wa se dat eent net wëllen, och vläicht dat anert net wëllen -, mä wou een awer vläicht eng Diskussiounsbasis hätt, fir dat ze maachen.

Also summa summarum wollt ech soen, datt mir mat deem Gesetz hei selbstverständlech d'accord sinn, wat eng Partie Korrekturen hei mécht, déi och gréisstendeels am Konsens gemaach ginn. Mä ech froe mech, ob een iwwer dat Gesetz hei ewech net soll driwwer nodenken, op där enger Säit wat de natalisteschen Zweck ugeet, op där anerer Säit wat och d'Dispositiounen ugeet, fir et op méi eng laang Zäit mat manner Deeg am Joer kënne ze verbannen, fir datt eng gréisstméiglech Zuel vu Leit dovun Gebrauch maache kéinten.

An deem Sënn géif ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Calmes. D'Madame Vera Spautz ass déi drëtt Riednerin bei dësem Projet. D'Madame Spautz huet d'Wuert.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt Merci dem Här Rapporteur, dem Deputéierte Jean-Paul Schaaf, fir säi schrëftlechen an haut och mëndleche Rapport.

De Congé parental huet hei zu Lëtzebuerg e laangen a komplizéierte Wee hanner sech. Erlaabt och mir e kuerzen Historique ze maachen, mä vläicht awer ënner e bësselchen engem anere Bléckwénkel, wéi den Här Deputéierte Schaaf et gemaach huet.

Ugefaangen huet et mat enger europäescher Direktiv vum 3. Juni 1996 an engem Accord-cadre tëschent der Union des industries de la Communauté européenne, dem Centre européen des entreprises à participation publique et de service d'intérêt économique général - fir et vläicht emol eng kéier ganz ausféieren - an der Confédération européenne des syndicats. Dës Direktiv gesäit d'Aféiere vun engem individuelle Recht op Elternurlaub fir Aarbechterinnen an Aarbechter vir, bei der Gebuert oder bei der Adoptioun vun engem Kand.

D'Direktiv ass duerch d'Gesetz vum 12. Februar 1999 hei zu Lëtzebuerg transposéiert ginn, nodeems eigentlech virgesi war, dass d'Sozialpartner de Congé parental iwwer Kollektivverträge verhandele sollten, an dëst net funktionéiert huet. Laang Zäit ass d'Instrument vum Congé parental vun der deemoleger Politik als en neit an zousätzlecht Instrument zur Bekämpfung vum Chômage ugesi ginn. De Congé parental sollt dozou déngen Chômeuren, oder Leit ouni Aarbecht, als Remplaçant fir den Zäitraum ze rekrutéieren, wou eng Aarbechtsplaz duerch en Elternurlaub net besat war.

Dëst huet awer selbstverständlech net funktionéiert. D'Resultat vun der Evaluatioun vum Gesetz vun 1999 huet dann och bewisen, dass de Congé parental dat ass, als wat en am Ursprong definéiert war a wat déi europäesch Direktiv vun 1996 eigentlech wollt, nämlech de Congé parental als e familljepolitescht Instrument anzeféieren, dat dozou dénge soll Beruff a Famill besser mateneen ze vereinbaren oder, wéi et hei ëmmer gesot gëtt, besser ënner en Hutt ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems dat kloer mat där Etüd bewise war, wat d'Sozialpartner a virun allem d'Gewerkschaften ëmmer virdu betount haten - de Congé parental wier keen aarbechts- oder aarbechtsmaartpolitescht Instrument, mä eng familljepolitesch Initiative -, huet déi deemoleg Regierung beschloss de Congé parental bäizebehalen, mä eng Rei Ännerunge virzegesinn. De Gesetzesprojet war dann eng Zäit laang nach der Spezialkommissioun vum PAN-Gesetz zougeuerdnet, bis en dann no de Chamberwahlen vum 2004

dem Familljeministère, an domadder dann och der Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse zougeuerdnet ginn ass.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dësen Exkurs iwwer d'Geschicht vum Congé parental hei zu Lëtzebuerg nach eng kéier ganz kloer ervirhiewen, fir lech ze verdäitleche wien, wéini, wéi eng Interesse mat der Aféierung vum Congé parental vertrueden oder verbonnen huet. Wéi Der gesitt, waren net ëmmer ganz lauter Argumenter respektiv zilorientéiert Ursaachen am Spill gewiescht. Also nach eng kéier, de Congé parental ass a sengem Ursprongsgedanke geschafe ginn, fir dass d'Elteren - Papp a Mamm - Beruff a Famill besser mateneen koordinéiere kënnen, a virun allem d'Fraen no der Gebuert vun engem Kand erëm méi einfach an hire Beruff zrëckgoe kënnen.

Dëse Projet de loi ass den 20. Mee 2003 vun der Familljeministesch an der Chamber déposéiert ginn. No de Chamberwahlen vum 2004 huet d'Familljeministesch dann am Oktober 2005 der zoustänneger Kommissioun de Gesetzesprojet virgestallt, an dëst mat enger Rei Amendementer, déi déi nei Regierungskoalitioun der zoustänneger Kommissioun ënnerbreet huet.

De Projet de loi iwwer de Congé parental, deen lech haut hei virläit, ass e Kompromëss, deen zum ursprüngelechen Text vun 2005 ausgehandelt ginn ass. E bréngt op verschiddene Punkten eng ganz Rei Verbesserungen mat sech. Leider - an dat betounen ech hei awer och ganz kloer - hätten nach weider Verännerungen oder Verbesserungen un deem virleiende Gesetzesprojet misse gemaach ginn. Dofir huet sech awer leider keng Majoritéit fonnt.

Verbesserungen, déi awer wichteg si fir ervirgestrach ze ginn, si ganz kloer zum Beispill déi, dass wann ee Salarié an deenen zwielef Méint viru sengem Congé parental säi Patron wiesselt, dann huet en awer d'Recht op säi Congé parental; wat virun net méiglech war. Virun huet ee scho bei der Ënnerbriechung vun engem Dag de Congé parental net méi kritt. Dëst geet och elo, wann een de Patron während sengem Congé parental wiesselt, natierlech nëmmen am Rahme vun de gesetzleche Bestëmmungen. D'Recht op de Congé parental bleift da bestoen.

Eng weider wichteg Ännerung ass déi, dass de Salarié, deen am Congé parental ass, d'Recht huet enger Formation professionnelle continue vu sengem Betrib deelzehuelen. Dëst huet als Zil d'Réinsertioun vum Salarié respektiv seng Employabilitéit zrëck an de Betrib ze erliichteren oder ze ënnerstëtzen. An esou kann de Salarié och während sengem Congé parental un interne Sitzungen deelzehuelen.

D'Amendementer vun der Regierung, déi d'Madame Ministesch der zoustänneger Familljekommissioun am Oktober 2005 virgeluecht huet, hunn awer och eng Rei Mesuren an Ännerungen virgesinn, déi fir zimlech hefteg Diskussiounen gesuergt hunn. Esou war ënner anerem d'Definitioun betreffend d'Vollzäit- oder éischter d'Deelzäitaarbecht staark ëmstridden. Den Temps partiel war schonns bei just ënnert 30 Aarbechtsstonnen - dat heescht, dräi Véierele - definéiert, an hätt domadder och just d'Ausbezuale vun der Halschent vun den Indemnitéite bedeit.

A sengem Avis zu dësem Projet de loi huet d'Chambre des Employés privés dësen Artikel vum Gesetzesprojet schaarf kritiséiert; an net nëmme si. Dëst wier eng, ech zitieren: «atteinte manifeste aux acquis de salariés employés sous le régime du travail à temps partiel, que le projet de loi initial excluait expressément du bénéfice de l'option du congé parental à temps partiel s'il ne remplissait pas le critère de la durée de travail des trois quarts». Dës Diskriminéierung respektiv deen Artikel ass dann och ëmgeännert ginn.

Den Text vum Projet de loi gesäit eng weider positiv Ännerung vir. De Salarié muss säi Patron zwee Méint virum Ufank vum Congé de maternité iwwer seng Demande de congé parental schrëftlech per Recommandé informéieren oder ufroen. Dëst huet bei Elteren, déi an enger Procédure d'adoption sinn, Problemer mat sech bruecht, well d'Eltere ganz oft net wësse wéini dann elo endlech deen Uruff kënnt a si hiert Kand kënne siche goen.

Mir hunn et hei zu Lëtzebuerg am Duerchschnitt mat tëschent 50 bis 70 Adoptiounen am Joer ze dinn an ech denken, dass awer domadder och elo deen Deel Satisfaktioun fonnt huet. Vu dass de Congé d'accueil fir Adoptivelteren aacht Woche bedréit, huet d'Kommissioun gemengt, dass den Employeur domadder genuch Zäit hätt, fir sech

ze organiséieren. Déi Klausel vun der Demande vum Congé parental vun zwee Méint un de Patron ass domadder fir Adoptivelteren opgehuewen.

Ech hunn am Ufank gesot, dass d'Gesetz iwwer de Congé parental e laange Wee hei zu Lëtzebuerg hanner sech huet; esou ass Lëtzebuerg jo duerch den europäesche Geriichtshaff an zwee Punkten dozou uerteelt ginn, d'Gesetz nozebesseren.

Am éischte Fall ass et: D'Fraen a Männer, déi de Congé parental hunn, an en ënnerbrieche weinst enger weiderer Gebuert respektiv Adoptioun, mussen net méi, wéi an der Vergaangenheet vum Gesetz virgeschriwwer war, hire Rescht Elternurlaub verfale loosse, mä e gëtt elo un deen anere mat drugehaangen.

En zweete Punkt, zu deem Lëtzebuerg uerteelt ginn ass, ass deen, dass an Zukunft och déi Elteren, deenen hir Kanner virum Stéchdag vum ale Gesetz iwwer de Congé parental vum 31. Dezember 1998 gebuer gi sinn a manner wéi fënnf Joer al waren, och Recht an Usproch op de Congé parental hunn oder elo kréie sollen. Hei geet et laut Schätzungen ëm ongeféier 35.000 Kanner respektiv hir Elteren, déi dann elo d'Recht hätten op de Congé parental.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit elo awer vir, dass déi Elteren, deenen hir Kanner virum dem 31. Dezember '98 gebuer sinn, zwar elo e Recht hunn dësen nodréiglech ze huelen, mä et ass en onbezuelt Congé parental, an domat a mengen Ae ganz kloer e Congé sans solde. Dat heescht, hei gëtt mat zweeërlee Moossen an zweeërlee Gewiichter gemooss. Dëst ass sozial ongerecht, diskriminéierend an net familljefrëndlech.

» **Une voix.** - Très bien.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Spannend dierft et ginn, wéi d'EU-Kommissioun op déi nei Diskriminéierung reagiert.

Datselwecht gëllt fir en aneren Artikel am Gesetz, dee virgesäit, dass d'Regierung e weideren neien oder eng aner Form vu Congé parental aféiert, dee virgesäit, dass e Salarié d'Recht huet op e Congé parental vun dräi Méint, mä onbezuelt. Dëst an deem Fall wou, an ech zitieren: «le parent qui a perdu son droit au premier congé parental du fait qu'il ne l'ait pas pris consécutivement au congé de maternité ou au congé d'accueil et que l'autre parent ait déjà pris le deuxième congé parental». Also, och hei muss een eigentlech vun engem Congé sans solde schwätzen, an net vun engem Congé parental. Heizou muss ech och deeselwechte Kommentar maache wéi virun: eigentlech sozial ongerecht an diskriminéierend.

D'Chambre des Employés privés, déi iwwergens haut de Mëtten nach eng kéier hir Avisë verdeele gelooss huet, huet och do an hirem Avis geschriwwen, dass dëst géif kloer eng Verletzung vum Artikel 10bis vun eiser Constitutioun bedeiten, dee seet: «Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.» A si féiert weider aus: «Ce principe constitutionnel exige une égalité de traitement sous peine de discrimination par la loi de toutes les personnes se trouvant dans la même situation.»

An der Kommissioun huet d'Ministesch op d'Fro vun der Compatibilitéit vun deenen neie Congé-parentalen net indemniséen mat dem Principe constitutionnel vun der Gläichbehandlung vun alle Lëtzeburger virun dem Gesetz drop higewisen, dass déi absolut juristesche Sécherheet net bestoe géif. Si huet och gesot, dass de virleiende Projet de loi eng grouss Urgence hätt, well d'Lëtzeburger Regierung en zweeten offizielle Courier vun der Europäescher Kommissioun kritt huet, déi d'Regierung opfuerdert sech konform zu der Direktiv ze setzen, an dat an engem Délai vun zwee Méint. Lëtzebuerg géif soss riskéieren eng Mise en demeure ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech schonns am Ufank gesot hunn, ass de virleiende Projet de loi e Kompromëss tëschent ënnerschiddleche Positiounen an iwwerleeungen. De Projet de loi bréngt eng Rei net négligeabel Verbesserungen a positiv Changement mat sech. Trotzdeem woen ech elo hei ze behaupten - oder, ech si mer bal sécher -, dass mir, wat d'Gesetz vum Congé parental hei ugeet, nach laang net duerch de Bësch sinn.

Et bleift ofzewarden, wat déi zoustänneg EU-Kommissioun dann elo vun dësen neie Virschléi an Artikelen vum Gesetz vum dem Congé parental hält an ob si dann elo fannen, dass d'Direktiv korrekt a propper ëmgëssat ginn ass. An et bleift ofzewarden, ob dann elo net awer dach verschidde Leit dës Diskriminéierungen ufechten, besonnesch déi am Sënn vum dem Artikel 10bis vun eiser Constitutioun: «Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.» Ech géif mengen, hei kéint mir elo scho bal soen: Affaire à suivre.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Spautz. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

(Coups de cloche de la Présidence)

... d'Reform vum Congé parental huet laang op sech waarde gelooss. De Projet de loi ass viru gutt dräi Joer déposéiert ginn. En ass zweemol vun der Regierung an zweemol vun der Chamberkommissioun amendéiert ginn. Den Dossier ass och nach duerch verschidde Jurisprudenzen an Interventionen vun der Commission européenne zousätzlech komplizéiert gemaach ginn.

Dësen Dossier ass am Laf vun der Zäit ee ganz voluminéis ginn. Ech wëll och nach eng Kéier dem Jean-Paul Schaaf, dem Rapporteur, Merci soen, deen déi schwierig Aufgab hat de mëndlechen a schrëftleche Rapport hei ze presentéieren. Merci och menge Virriedner, déi op alleguer déi technesch Detailer an Neierungen agaange si par rapport zum Gesetz vun 1999.

De Projet de loi 5161 ass a sengem Exposé des motifs relativ bescheiden, fir net ze soen, kuerz an dënn. Aus enger Evaluatiounsetüd vun 2002 geet ervir, dass déi dräi Objektiv, déi mam Congé parental viséiert gi sinn, plus ou moins positiv Resultater opweisen hunn. Et sinn dës: d'Auswirkungen op d'Chancégläichheet vu Mann a Fra, d'Auswirkungen op den Aarbechtsmaart, d'Auswirkungen op d'Interesse vum Kand.

Zum éischte Punkt. Bréngt de Congé parental méi Chancégläichheet? De Congé parental gëtt zwar verschidde Pappen eng Chance, sech méi fir hir Kanner ze interesséieren a sech ëm si ze këmmern; mir mussen awer leider feststellen, dass relativ wéineg Papp bis elo vum Congé parental profitéiert hunn. Mir enregistreiere mat Satisfaktioun, dass d'Zuel vun de Pappen, déi vum dem Congé parental profitéieren, an der Lescht awer kontinuierlech eropgeet. Et ass awer genausou dättelech, dass et d'Mamme sinn, déi deen éischte Congé parental huelen, an dass d'Pappen haaptsächlech fir deen zweete Congé a Fro kommen.

Dat huet natierlech zum Deel och eng ganz einfach biologesch Ursach, mä awer net nëmme. Mir stelle fest, dass de Congé parental déi traditionell Rolleverdeelung iwwerhëlt, déi dra besteet, dass eben de Papp fir d'Besoins financiers vum Haushalt zoustänneg ass an d'Mamm nach ëmmer fir d'Kannererzëiung. Et ass jo esou, dass et ganz oft d'Männer sinn, déi déi gréisste Perte de revenu hunn, wa si ophale mat schaffen, well si am Duerchschnëtt déi besser bezuelte Plazen hunn.

Esou eng zäitweileg finanziell Verloschter si vill Leit bereet a Kaf ze huelen. Eng gutt an intensiv Relatioun zu engem eegene Kand ass jo schlusslech och ee Wäert, och wann en net ze chifféieren ass. Méi gravéierend sinn awer oft d'Konsequenze fir d'berufflech Carrière vun deene Leit, déi de Congé parental huelen. Nach ëmmer si vill Entrepreneuren negativ zu dësem Congé agestellt. An nach ëmmer heescht eng Décisioun fir de Congé parental am Intérêt vun hirem Kand ze huele fir vill Männer a Fraen, dass se hir berufflech Carrière zumindest op Äis geluecht hunn, wann net definitiv an de Wand geschriwwen hunn.

De Congé parental kann zu enger meilleure conciliation de la vie privée et de la vie professionnelle bäidroen. Dat stëmmt fir déi dach awer relativ kuerz Zäit vu sechs Méint, am Idealfall och souguer vun eefel Méint. Dat ass scho vill Wäert. Insgesamt awer kann och de Congé parental déi Problemer, déi sech ronderëm d'Organisatioun vum Privatliwien an dem Beruff stellen, relativ wéineg änneren. Dat ass: d'Garde vun de

Kanner; Aarbechtszäiten, déi net kompatibel si mat den Zäiten, wou d'Garde vun de Kanner assuréiert ass; de Mangel u Structures d'accueil fir Schoulkanner; e ganzt ënnerschiddlecht Angebot vun esou Strukturen, jee no der Gemeng, wou ee wunnt; Waardelëscht bei konventionéierte Crèchen; Duebelbelaaschtung vun Haushalt a Beruff.

Déi Gréng erkennen déi rezent Efforten an déi Richtung un. Dat ännert awer näischt un der Tatsaach, dass déi historesch begrënnete Begënschtung vun enger Fraepolitik a Richtung Kierch, Kanner a Kichen nach ëmmer hire laange Schiet op eis Familljepolitik werft a mir e groussen Nohuelbedarf hunn. Ech kann dat mat Beispiller aus der Géigend, wou ech wunnen, illustréieren. An der konventionéierter Crèche géng ech gären déi 1.143 Euro bezuelen, fir mä fiktive Puppelche gutt versuergt ze kréien. Leider sinn ech ganz wäit hanner op der Waardelëscht, an ech krut och keng Hoffnung gemaach, ech kréich mäin - ech betounen et - fiktivt Kand do jee ënnerdaach.

Wann ech elo de Pech hätt vill manner ze verdéngen, misst ech just de Mindestpräis vu 85 Euro bezuelen. Hätt awer nach ëmmer keng Plaz. Dat ass zwar sozial gerecht, mä keng Plaz ass keng Plaz. An der privater Crèche kéim ech mat mengem Revenu e bësse besser wech. Et géng mech nach 850 Euro kaschten. Mam soziale Mindestloun misst ech allerdéngs och 850 Euro bezuelen, grad wéi en Deputéierten. Dat ass net sozial, mä wie sech et leeschte kann, hätt eng Plaz.

Bei enger Organisatioun, déi Dagesmamm weidervermëttelt, krut ech gesot, si géingen déiselwech sozial Kritären applizéieren wéi an de konventionéierte Crèchen. Si hätten awer leider keng Plaz a menger Géigend, an ech kéint op eng Waardelëscht komme mat allerdéngs ganz wéineg Aussicht op eng Plaz. Interessant ass hei och nach, dass ech misst bal duebel esou vill un d'Vermittlerorganisatioun bezuele wéi d'Dagesmamm erauskritt. D'Dagesmamm kréich 26,5 Euro pro Dag.

Och duerfir gëtt et eng Rei gutt a richteg Ur-saachen. Wat awer net verhënnert, dass ee sech a mengem Fall géif ermontert spieren, sech laanscht d'Sécherheet vum Vermëttler ze schmuggelen. An deem Raum, wou ech wunnen, hunn ech mat enger gudder Pei e beschränkte Choix. Mat enger klenger Pei wier ech allerdéngs op de „Groe Maart“ ugewise fir meng Kanner ze versueren, oder ech wier gezwongen op eng Erwerbsaarbecht ze verzichten.

Duerfir ass eis Fuerderung, och wa se schonn zimlech al ass, nach ëmmer richteg an nach ëmmer urgent: Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen eist Netz vu qualitativ héichwäerteg Betreuungsstrukture fir Kanner am ganze Land ausbauen. A selbstverständlech mussen d'Öffnungszäiten de reelle Bedürfnissen vun den Elteren entsprechen. Dat alles mécht, dass de Congé parental sécherlech keen Instrument ass, dass d'Égalité des chances am Aarbechtsmaart garantéiert. Dat beweist schonn d'Beschäftigungsquot vum de Fraen um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart, dee jo nach ëmmer zu de Schlusslichter um europäesche Plang gehéiert.

Dat alles heescht awer och net, dass de Congé parental enger Politik zu méi Chancégläichheet tëschent Mann a Fra am Wee steet. Mir sinn iwwerzeegt, dass de Congé parental et enger ganzer Rei Fraen erméiglecht am Beruff ze bleiwen, wa se de Congé à temps partiel huelen, respektiv de Kontakt zur Aarbechtswelt net ofzebréchen, wa se no hirem Congé erëm schaffe ginn. Ouni de Congé parental géife wahrscheinlech eng ganz Rei Fraen, déi sech et leeschte kéinten, de Choix huelen dem Aarbechtsmaart eng Zäit de Réck ze dréinen, mat allen negativen Konsequenzen, déi esou eng Décisioun eventuell spéider fir si selwer kéint hunn.

Elo zu den Auswirkungen op den Aarbechtsmaart. Hei steet am Exposé des motifs just: «Les effets sur le marché de l'emploi se laissent plus difficilement appréhender, mais que somme toute, les effets ne sont pas non plus à rejeter.» Dat ass eng Ausso, mat där kënne mer net vill ufänken. Et ass mat Sécherheet esou, dass de Congé parental a ville Secteure guer net kann duerch Chômeuren ersat ginn, well mir net déi Leit mat deenen néidege Kompetenzen um Aarbechtsmaart fannen. Et ass och esou, dass eng Rei Congés parentals iwwerhaapt net ersat ginn a just eng Ëmverdeelung op déi aner Mataarbechter geschitt, wat d'Situatioun vun deem, deen de Congé freet, bestëmmt net méi einfach mécht.

Op där anerer Säit ass et duerchaus denkbar, dass duerch d'Tatsaach, dass deen éischte Congé parental direkt nom Congé

de maternité soll oder muss geholl ginn, an dass eng grouss Majoritéit vu Fraen dësen éischte Congé hält, effektiv eng Rei Aarbechtsplaz fir zéng oder eefel Méint fräi ginn; a verschidde Beruffer - ech denken un d'Kliniken an un d'Crèchen - fir nach méi eng laang Zäit. Dass dat och Auswirkungen misst op den Emploi hunn, schéngt eis logesch. Dat ass och een Argument, wann och kee ganz proppert, well et net am Aklang vun de Bestriewunge vu Chancégläichheet ass, dass derfir schwätzt, dass deen éischte Congé direkt nom Congé de maternité soll geholl ginn. Dass mir domat de Chômage bekämpft kréien, ass awer méi wéi zweifelhaft. Mir kréien dat jo och duerch d'Chifferen um Aarbechtsmaart permanent beluecht.

Interessant ass awer och eng Ausso am Rapport d'activités vun 2005 vum Familljeministère. Beim zweete Congé parental, dee jo logescherweis méi vu Männer geholl gëtt wéi vu Fraen, stellt ee fest, dass d'Zuel vun de Pappen, déi dëse Congé huelen, dättelech eropgeet. Am Rapport gëtt de Verdacht geäussert, dass dat an Zäite vun enger lichter schwieriger Konjunktur eng Mesure kéint sinn, wou am Accord oder souguer op Recommandatioun vum Patron, de Congé parental ugefrot gëtt, fir en eventuelle Chômage ze évitéieren. Wann dat dann esou ass, dann ass dat jo och zum Notze vun all Interesséierten, an hoffentlech och dem Kand.

Déi gréng Fraktioun ass der Meenung, dass de Congé parental virun allem eng familljepolitesch Mesure ass. Mir wëssen alleguer, dass et fir e Kand ganz wichteg ass en Netz vu Bezugspersonen ze hunn, an dass d'Qualitéit vun der Relatioun zu enger oder méi Bezugspersoun fir all Kand vu grousser Bedeitung ass. Déi Gréng sinn iwwerzeegt, dass d'Qualitéit vun der Relatioun Eltere-Kand net just vun der Dauer ofhänkt, déi déi zwou Partiën matenee verbréngen. De Congé parental erméiglecht et awer deenen Elteren, déi dat wëllen, sech Zäit ze huelen, fir déi éischt Méint vun hirem Kand vill Presenz ze weisen; an dat ass gutt esou. Mir stelle fest, dass d'Demanden, fir d'Indemnité du congé parental ze kréien, eropginn, an dass se zënter 2005 de Cap vun 3.000 iwwerschritt hunn.

Mir mengen et wier awer och emol interessant ze kucken, wéi eng Leit dann elo net vum Congé parental profitéieren wëllen oder profitéieren kënnen. Eisen Informatiounen no sinn dat virun allem Leit, déi ëm hir Aarbechtsplaz fäerten. Mammen a Pappen a prekären Aarbechtsverhältnissen verzichten oft léiwer op hiren Droit vum Congé parental, wéi dass si sech dem Risiko aussetzen den lenger vun hirem Patron op sech ze zéien, an hir Carrière oder eventuell souguer hir Aarbechtsplaz mëttelfristeg ze verléieren. Dat ass traureg, mä Realitéit. Et wier bestëmmt interessant, hei och emol Zuelen ze kréien, wéi eng Leit a wéi vill Leit hei beträff sinn.

D'Dauer vu sechs Méint vum Congé parental ass aus der Siicht vum Kand problematesch. De Congé ass just dann eriwuer, wann de Bébee aacht oder néng Méint al ass. An dat ass awer grad just deen Alter, wou de Puppelchen an enger Entwécklungsphas ass, wou eng Trennung vu senger Bezugspersoun guer net esou einfach ass. De Bébee fremdelt. Aus dem Kand senger Siicht wier et besser, wann de Congé parental dräi Méint oder néng Méint géif daueren.

Wa mir och net probéiert hätten aus dem Congé parental eng Beschäftigungsmesure ze maachen - mat zweifelhaftem Erfolg -, da wier et och méiglech gewiescht, dëse Congé méi flexibel ze gestalten. Eng Rei Fraen - déi Minoritéit, déi et fäerdeg bruecht huet eng zolidd berufflech Carrière nient hirem Familljeliwien ze maachen - géifen eventuell nach e puer Méint ee Congé parental huelen. Sechs Méint kënne si sech eventuell aus beruffleche Grënn net leeschten a se verzichten duerfir, oft mat Bedauern, ganz op de Congé parental.

De Choix, fir eng grousszüeg Regelung zu Lëtzebuerg anzeféieren, wat de Congé parental ugeet, kascht eis Gesellschaft selbstverständlech och eng Staang Geld. Erstaunlech wéineg ass am Virfeld vun dëser Debatt, an och an der Debatt selwer, iwwert d'Finanze geschwat ginn. Graff gerechent kascht eis de Congé parental all Joer 55 Milliounen Euro.

An deem Kontext sief och d'Fro erlaabt, ob et net och eng Rei Ongereimtheeten tëschent dem Congé parental an der Allocation d'éducation gëtt. Sou steet zum Beispill op der Säit 15 vum Rapport d'activités 2005 vum Familljeministère: «Avec l'introduction de l'indemnité du congé parental l'on peut affirmer que le fait d'accorder l'allocation d'éducation sous condition de revenu, non

seulement va à l'encontre de la finalité de l'allocation, aucun des parents n'ayant besoin de s'occuper de l'enfant, mais représentée à proprement dire une concurrence déloyale au congé parental.»

Och iwwert de Montant vun der Indemnitéit ass wéineg geschwat ginn. Dëse Montant läit ëmmerhin tëschent dem Mindestloun fir qualifizéiert Aarbechter an deem vun onqualifizéierten Aarbechter.

Am Rapport vun der Familljekommissioun vum 11. Februar 2003, déi sech mat der Etüd vum Ceps/INSTEAD iwwert d'Effets redistributifs vun eiser Familljepolitik befaasst hat, steet: «Madame (...)» - den Numm ass bestëmmt net wichteg; d'Madame déi de Ceps/INSTEAD representéiert huet - «constate que la politique familiale de l'État consiste en la distribution d'argent.» Och wann déi Ausso an dëser strenger Form net méi ganz richteg ass, ganz falsch ass déi Feststellung och haut nach net.

Mat der Familljepolitik, wéi mer se zu Lëtzebuerg zënter Jorzéngte féieren, mat Geldtransfertleeschungen, déi d'Doheembleiwe vun engem Elterendeel - der Mamm - fördern, ass den Ausbau an de Fonctionnement vun de Structures d'accueil nëmme iwwer eng sozial gestaffelt Participatioun vun den Elteren ze finanzéieren. An de skandinavesche Länner gëtt et eng aner Familljepolitik. Hei investéiert de Stat méi an d'Betreiungsinfrastrukturen. Mir mussen eis d'Fro stellen, wéi eng Familljepolitik mir an Zukunft wëllen.

Wa mir feststellen, dass Kanner an eis Schoule kommen, déi praktesch sprachlos sinn, oder déi verbalenopfälleg sinn, ënner anerem well se kaum geförderet gi sinn, a wa mir wëssen, dass déi éischt Joren am Liewe vun engem Kand extrem wichteg si fir seng Bildungsbiographie, da muss d'Gesellschaft an d'Politik reagéieren. Mir hunn och schonns reagiert; zum Beispill andeems mir de Précoce geschaf hunn. De Précoce ass eng schoulesch Infrastruktur an ass grad wéi all aner Schoulbesuch gratis. Dat steet am Schoulgesetz vun 1912 an an eiser Constitutioun; an dat steet och net hei zur Diskussioun.

Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Schafung vun engem Précoce u sech eng gutt Saach ass. D'Iddi fir de Kanner vun dräi Joer u Raum an Zäit ze bidden, fir hir sproochlech a sozial Integratioun ze fördern, ass bestëmmt richteg. Hei ass och net d'Plaz, fir iwwert de Précoce am Detail ze diskutéieren - do géif mer nach munches derzou afalen -, mä ech wëll drun erënneren, dass déi Gréng ëmmer gesot hunn, dass et méi effizient gewiescht wier d'Précoce-Strukturen a Crèchen ze integréieren, anstatt eng eegen nei schoulesch Infrastruktur ze schafen, déi jo awer vill Zäit eidel steet. Wann déi 116 Gemengen, wou elo déi lescht amgaange sinn hir Précoce-Infrastrukture fäerdeg ze bauen, déiselwech Gelder a Crèche gestach hätten, dann hätte mer elo eng besser Situatioun.

Mir fuerderen eng Käschten-Notzen-Analys vum Précoce als eegestänneg Infrastruktur.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis eens, dass et vill gutt Grënn gëtt, fir Kanner an d'Welt ze setzen, an dass Leit, déi décidéieren Kanner ze kréien, aner Motivatiounen hu wéi déi finanzieller Natur. D'Kanner kaschten awer nun och emol Geld. An duerfir ass et wichteg a richteg dofir ze suergen, dass de Fait, Kanner ze hunn, keng Fra a keng Famill a Gefor bréngt, hiren eegene sozialen Ënnergang anzelauden. Duerfir ass et richteg, wa mir eng ganz Rei vu Familljeleeschungen zu Lëtzebuerg hunn, an et ass och richteg, wann d'Structures d'accueil ausgebaut ginn.

Mir mussen awer eis Transfertleeschungen kritesch ënnersichen, ob se wierklech ee wirksaamt Instrument sinn, fir Ongläichheiten an Ongerechtegkeeten an eiser Gesellschaft ze bekämpfen.

Déi gréng Fraktioun bedauert, dass den Délai, mat deem de Congé parental vun deene betraffenen Eltere muss am Virus ugefrot ginn, zwee Méint no vir geréckelt ginn ass. Hei deele mir dem Statsrot seng Meenung, dass et besser wier, wann déi betraffenen Elteren aus medezineschen awer och aus familiären oder ganz einfach mënschlechen Ursachen esou eng wichteg Décisioun net esou fréi missten huelen.

Bei aller Kritik bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zum familljepolitesche Projet de loi 5161, esou wéi en eis an där leschter Versioun hei haut zum Vote virgeluecht ginn ass.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Här President, Madame Minister, sidd Dir waarm ugedoen?

(*Hilarité et interruption*)

Här President, den Accord-cadre an d'Direktiv, op deenen dës Gesetzesinitiativ berout, gesäit Folgendes vir: Déi Mammen a Pappen, deenen hir Kanner virum Akraaft-triede vum initiale Gesetz iwwert de Congé parental gebuer an nach keng fënnef Joer al waren, sollen och de Congé parental zougestane kréien, ebe well se deemools vun deem Avantage ausgeschloss waren. Wann dat net esou gewiescht wier, dann hätte se elo all deeselwechte Congé parental, an da krite mer och haut kee Sträit doriwwer. Den Accord-cadre schreift vir, datt dat bestehend Gesetz misst dann also deementsprechend geännert ginn, dass déi Leit dann och de Congé parental kréien.

Mä den Accord-cadre insistéiert awer drop, datt op kee Fall déi Ännerung vum Gesetz duerf mëssbraucht ginn, fir bestehend Rechter am Kader vum Congé parental ze verschlechteren. An dat bestehend Gesetz gesäit ebe vir, datt Mann a Fra innerhalb vu fënnef Joer no der Gebuert vun engem Kand d'Recht op sechs Méint voll respektiv zwielf Méint Deel-Congé-parental zougestane kréien. Dëse Congé parental ass rémunéiert an indexgebonne gewiescht. Bis elo!

An eiser Verfassung ass ageschriwwen, datt all d'Bierger gläich sinn. Et steet souguer dran, datt Mann a Fra elo gläich sinn. Besonnesch wat d'Rémunération ubelaangt, gëtt iwwerall ëmmer méi staark Gläichheet tëschent Mann a Fra gefuerdert. An dat kann een och nëmmen ënnerstëtzen.

Här President, dat heite Gesetz geheit awer all déi viritéiert Prinzipien a Rechter op d'Kopp. Deene Mammen a Pappen, déi deemools net an de Benefiss vum Congé parental komm sinn, soll dann elo dat Recht zwar och zougestane ginn, mä net dat bestehend Recht, esou wéi et den Accord-cadre virgesäit, sechs Méint Congé parental a rémunéiert, mä nëmmen dräi Méint an net rémunéiert; also eppes wéi e Congé sans solde, just dass de Stat d'Soziallaaschten dréit.

Dat bedeit eng kloer Diskriminéierung vun deene betraffene Fraen a Männer. Dat heescht eng kloer Violatioun vun de Recommandatiounen aus dem Accord-cadre, dee seet, datt keng bestehend Rechter mat dësem Gesetz duerfe verschlechtert ginn. Dat heescht eng kloer Violatioun vun eiser Verfassung, déi d'Chancëgläichheet jo awer soll garantéieren. Déi eng Mammen a Pappe kréie sechs Méint bezuelte Congé parental, fir sech ëm hir Kanner ze këmmen, wat nëmmen de Kanner zegutt kënnt a wat och richtig ass. Déi aner, déi kréie kee Recht op Congé parental; well dräi Méint net bezuelt, dat ass kee Recht.

Oder mengt heibannen een, datt eng eleng erziéiend Mamm mat zwee Kanner, déi de Mindestloun verdéngt, et sech ka leeschten, och nëmmen ee Mount oder och nëmmen eng Woch doheem sëtzen ze bleiwen, ouni e Su'??!

Deen zweete Skandal ass dann natierlech deen, dass de Congé parental net méi indexgebonnen ass. Déi Indexéierung vum Congé parental war och e bestehend Recht an deem initiale Gesetz iwwert de Congé parental a misst deemno laut dem Accord-cadre och bestoe bleiwen. Déi Désindexéierung duerf och net toleréiert ginn.

Här President, mä wat soen eis Fraerechtler dann dozou? Stëmme se dann elo dëse fir déi vill Fraen do ongerechte Projet? Also, ech soen Iech just, wa jo, da solle se awer net méi hei Knäll doe komme géint d'Diskriminéierung vun de Rechter vun de Fraen,...

(*Interruption*)

... wa se elo hei mathëllefe ville Fraen hir Rechter ze violéieren a ville Kanner hiert Recht ze huelen, datt hir Mamm respektiv hire Papp sech kënne während sechs Méint full-time ëm se këmmen.

Se sollen dann och net elo, wann dat Gesetz hei gestëmmt ass,erausgoen a maachen, wéi dat esou üblech ass, dass hei an der Chamber esou vill béis Männer sëtzen, deenen hir Schold et wier, dass dat Gesetz hei elo esou komm ass. Well, wa se elo hei géifen higoen a si géifen et net stëmmen, da géif ech soen, all Respekt. Mä wa se et matstëmmen, all déi vill Fraerechtler heibannen, da solle se sech schumme virun de Fraen an da solle se sech net méi Fraerechtler nennen.

» **M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Madame Marie-Josée Jacobs, Ministerin zoustänneg fir d'Famill.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Si ass fir méi zoustänneg wéi fir d'Famill.

» **M. le Président**.- An dësem Moment ass se zoustänneg fir d'Famill.

(*Interruption*)

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech géif fir d'éischt wëllen dem honorabelen Här Jean-Paul Schaaf e grouse Merci soe fir seng Gedold, déi hien hat iwwert déi laang Zäit, an och virauser dem Marcel Glesener, deen an där anerer Konstellatioun de Rapporteur vun dësem Projet war, fir de Congé parental ëmzesetzen, an och der Kommissioun, déi et méiglech mécht, datt, wann ech dat richtig verstanen hunn, d'DP, d'CSV an déi Gréng dee Projet hei wäerte stëmmen an datt mer dee Projet also den Owend hei wäerten ugeholl kréien, an domadder hoffen ze verhënneren, datt d'Lëtzebuerger Land condemnéiert gëtt, fir ganz héich Strofen ze bezuelen.

Et war net d'Schold vun der Regierung an et war och net d'Schold vun der Chamber, datt et esou laang gedauert huet. Mä et ware laang Pausen ënnerwee gewiescht, déi onofhängeg vun Iech a vu mir waren.

Dat gesot, huet Lëtzebuerg e Congé parental, deen déi Kaderdirektiv ëmsetzt, dee méi généréis ass wéi deen an engem anere Land. An de Conseil d'État hat a sengem Rapport geschriwwen, et soll dee verstoen, deen dat kënnt verstoen, datt dann d'Kommissioun géif soen, mir hätten dat net richtig ëmgesat, datt mer Uerteeler géinge kréie vum Europäesche Gerichtshaff, well mer dat net richtig gemaach hätten.

Ech wëll elo net méi op all déi eenzel Punkten agoen, déi hei an deem Gesetz dra sinn. De Jean-Paul Schaaf huet dat an esou enger exzellenter Form gemaach. Ech wëll mech befaasse mat deenen Iddiën a mat deene Saachen, déi hei gesot goufen, well déi eng jo awer vläicht nach méi erstaunlech si wéi déi aner - fir et emol esou auszedrécken -, a well ech och gärën awer wéisst, wéi mer dann elo heimadder géife virufueren.

Den Här Calmes huet gesot, datt déi Etüd no zwee Joer gewisen hätt, datt haaptsächlech d'Fraen dovunner géife Gebrauch maachen an datt et als eng aarbechtsmaartpolitesch Moosnam net onbedéngt déi richtig wier.

Mir hu keng richtig Zuelen doriwwer, awer fir eis jiddferfalls als Kannergeldskeess, wann ech dat esou ka soen, ass et schwéier, fir dat erauszefannen. Ech denken awer, datt ee jo iwwer esou vill Saache kann Etüde maachen, datt een och eng doriwwer kéint maachen, wat et bruecht huet a wat et net bruecht huet.

Ech wëll nach eng Kéier soen, datt Lëtzebuerg sechs Méint agefouert huet, wougéint an der Directive-cadre dräi Méint virgesi waren. Et wier vläicht elo gutt, wann all déi sech emol géife mellen, déi da géife soen, si wieren dann nëmme fir dräi Méint.

An da wier et och flott ze héieren, wat dann elo déi konkret Virschléi wiere vun där Familljepolitik, vun där den Här Calmes geschwat huet, andeem hie gesot huet, de Congé de paternité misst iwwer méi Jore verdeelt ginn. Wann ech mech u verschidde relativ intensiv Diskussiounen och mat de Patronatsvertrieder weess ze erënneren, da soen déi, si kriteren hir Betriber net organiséiert, wann dat op vill Zäit an op laang Zäit an op ëmmer erm do verdeelt wier, wou een net wéisst, wéini datt da seng Arbeitnehmer do wieren an net do wieren, esou datt ech mengen, datt dat net gradesou evident ass, wéi ee sech dat kéint virstellen. Et wier also gutt, wa mer géifen och do gesot kréien, wat dann déi konkret Propositione wieren.

Dir verstitt, datt ech relativ iwwerrascht war iwwert d'Aussoe vun der Madame Spautz. An ech géif och gare vun der Madame Spautz wëssen, ob se dann elo derfir wier, datt mer op dräi Méint géife goen, oder ob mer sollen op sechs Méint bleiwen.

Well dat ass jo d'Fro, déi se da jo gestallt hutt, wéi se gesot huet, do wieren net lauter „lautere Gedanken“ derhannert gewiescht. Fir mech sinn et nach keng unlautere Gedanken, wann een aus enger Moosnam och eng aarbechtspolitesch Moosnam wëllt maachen a probéiert ze maachen, fir domat ze hëllefen, fir eng Partie Leit eng Aarbecht ze kréien. Dat sinn och nach keng unlautere Gedanken - och net vis-à-vis vun enger Familljepolitik.

Bei Familljen, wou deen een oder deen anere keng Aarbecht dran huet, ob dat grad am Sënn ass vun deenen an ob dat am Sënn vun de Familljen ass, dat woen ech scho staark ze bezweifelen. Mir hunn ëmmer gesot, och op anere Pläng: Et ass méi wichteg, d'Leit fannen Aarbecht a si kënnen op enger Aarbechtsplaz Erfahrung

sammelen. An et ass ëmmer gesot ginn: Et ass kloer, datt deen, deen an engem Congé parental dran ass, net onbedéngt deen ersetzt, deen elo fortgeet, mä datt ënnen ee kann nokommen, an dat denken ech ass awer sécher eppes wat net unlauter wier.

Datt eng Rei vu Saachen an deem Gesetz hei verbessert goufen, do ass jo guer keen Zweifel drun, soss hätte mer et net brauchen ze maachen. Well mir hunn et jo net nëmme gemaach, well d'Kommissioun respektiv de Gerichtshaff gesot huet, dat, wat mer géife maachen, wier net richtig gewiescht. Ech sinn och gärën domat d'accord an ech gehéieren net zu deenen, déi uneinsichteg sinn, datt, wa Verbesserungen ze maache wären - an dat war mam Temps partiel esou an och mat den Adoptiounen -, hunn ech kee Problem haut ze soen, datt dat Verbesserung sinn, déi komm sinn opgrond vun deem, wat an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn ass.

Ech kenne kee Congé sans solde op där anerer Säit, wou de Stat engem seng Cotisatione bezilt, souwuel fir d'Krankekeess wéi fir d'Pensiounskeess. Esou datt ech mengen, datt et och kee Congé sans solde wier.

Dat, wat mer awer äusserst fragwürdeg virkënt, ass - an do weess ech elo net wat d'sozialistesche Fraktioun mécht, well d'Madame Spautz huet jo net gesot, ob hir Partei géif derfir stëmmen oder net - wa se seet, dat wier ee Gesetz wat géint d'Verfassung wier. Ech stelle mer awer ganz seriö Froen. Wann et géint d'Verfassung ass, dann, denken ech, däréf keen dat Gesetz stëmmen!

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Et ass net fir d'éischt wou mer e Gesetz stëmmen, wat géint d'Verfassung ass, Madame Minister.

» **Plusieurs voix**.- Ooohhh!!

(*Coups de cloche de la Présidence*)

» **M. le Président**.- Jo, Här Bettel, dat steet elo hei net zur Debatt!

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här Bettel, da musst Der dat beweisen, an da mussen...

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Da bräichte mer keng Cour constitutionnelle!

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Déi hu mer awer net gëschter kritt!

» **Une voix**.- Wéi hat de Grethen gesot? Les gaffeurs!

» **Une autre voix**.- Mä wann een awer weess, dass een dergéint ass, da kann een och net derfir sinn.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Also ech si jo dovun iwwerzeegt, datt et net géint d'Verfassung ass. Dofir denken ech och, datt déi aner Parteien an déi aner Fraktiounen, déi sech hei geäussert hunn a gesot hunn, si géifen et stëmmen, oder dovun iwwerzeegt sinn, datt et net géint d'Verfassung ass, well soss géife se et jo sécher net maachen. Mir loossen eis also dann iwwerraschen, wéi dat doten ze interpretéieren ass.

(*Interruption*)

Da géif ech gärën...

» **M. le Président**.- Madame Jacobs, erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Spautz?

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Oder eng Explicatioun vläicht och?

(*Hilarité*)

Selbstverständlech.

» **Mme Vera Spautz** (*LSAP*).- Fir vläicht direkt zwou Saache kloerzestellen: Am ganzen Eifer vum Gefecht hunn ech vergiess gehat ze soen, datt d'sozialistesche Fraktioun dëse Projet stëmme wäert.

» **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

» **Mme Vera Spautz** (*LSAP*).- Zu deem zweete Punkt, wat d'Saach ugeet vun dem Artikel 10, sinn ech absolut sécher, datt mer wäerte Kloe kréien, a souwäit ech mech kann erënneren, hutt Der an der leschter Kommissioun och gesot gehat, Dir wéisst, datt et eng Onsécherheet géif ginn,...

(*Interruptions*)

» **Une voix**.- Aha!

» **Mme Vera Spautz** (*LSAP*).- ...juristesch, an da misste mer elo ofwaarden, wat géif geschéien, well mer soss den Délai vun

deenen zwee Méint net kéinten anhalen. Am Rapport ass dat nozeliesen.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat ass richtig.

» **Une voix**.- Sou hunn ech dat och verstan gehat.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat ass richtig am Kader vun der europäescher...

(*Interruption*)

» **M. le Président**.- Da lauschtert elo emol no, wann ech gelift!

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat ass richtig am Kader vun deem, wou een net weess, ob d'Europäesch Kommissioun... Dat huet näischt mat Lëtzebuerger Rechtsmësssegheet ze dinn. Et huet eppes mat europäescher ze dinn, an deen, deen heibanne seet, hie géif wëssen, wéi ëmgesat géif ginn an domadder kee Problem géif kréie mat enger Direktiv, dee géif ech wierklech froen opzestoen an ze soen: Wa mer dat elo esou an esou maachen, da kréie mer kee Problem.

An dofir hunn ech virauser ewell gesot, de Conseil d'État, dee jo awer gutt Juristen huet, huet gesot, et misst ee verstoen oder dee soll verstoen, dee géif wëlle verstoen, wann een hei nach géif eppes derbäi fannen. Dofir mengen ech net, datt et am Kader vun enger Ongerechtegheet a vun enger Diskriminéierung wier respektiv datt et géint d'Constitution géif goen. Dobäi bleift, wéi gesot, also nach ëmmer d'Fro, ob een e Gesetz ka stëmmen, vun deem een iwwerzeegt ass, datt et géint d'Verfassung ass.

Iwwert déi Froen an iwwert déi Bemierkungen, déi den Här Adam gemaach huet, géif ech gare soen, datt et natierlech äusserst bedauerlech ass, wa Leit hire Congé parental net huelen, well se sech net trauen, fir en ze huelen. Well a sech ass et jo e Recht, an et steet och am Gesetz dran, datt ee muss déi Plaz ermëkréien, op där ee virauser war, respektiv eng, déi equivalent ass.

Vun dohier misst et klappen - an et ass déi éischte Kéier, datt mer dat an enger Gesetzgebung stoen hunn. Zum Beispill bei der Allocation d'éducation hu mer stoen, datt een eng Prioritéit huet, mä et huet ee keng Garantie, datt ee kann zrëckkommen.

Dofir géif ech et wierklech bedauern, wa Patronen do wieren, déi géifen herno d'Leit esou ënner Drock setzen oder virauser esou ënner Drock setzen, fir ze soen: Wann s de däi Congé parental hëls, da gëss de bei der éischtschtescher Geleeënheet, déi ech fannen, entlooss!

» **Une voix**.- Dat seet keen, Madame Minister, dat mécht een éischter am Hannergrond. Dat gëtt et awer.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Jo, et ass dofir awer net méi richtig.

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- Ech fannen dat och net. Mir sinn eis eens.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Da géif ech wëlle soen, wou Dir Recht domadder hutt, ass selbstverständlech och, datt et eng Fro ass vun den Aarbechtszäiten, déi besser musse kompatibel si mat de Berufszeiten a mat der Erziéung vun de Kanner, d'selwecht wéi och wat d'Garde d'enfants ubelaangt.

Ech géif awer wëllen drun erënneren, datt an deenen zwou leschte Regierungen immens vill Effortë gemaach si ginn, wat sougutt d'Crëchen ubelaangt wéi och wat d'Betreiung vu Kanner ubelaangt, déi am Schoulalter sinn, an ech wëll och do soen, datt mir an de Maisons relais jo elo an där neier Konventioun, déi mir och mam Syicol zesummen ofgeschloss hunn, wäerten op e Präis kommen, deen tëschent engem a siwen Euro kascht, wat jo dann och ërem gestaffelt ass jee nom Akommes vun den Elteren, a wou dann déi Feelbedarfsfinanzierung, déi iwwreg bleift, op där enger Säit zu 50% gedroe gëtt vum Stat an op där anerer Säit zu 50% vun de Gemengen.

Dat wat déi flexibel Öffnungszäiten ubelaangt, ass do genau datselwecht wou mer gären hätten, datt d'Kanner net mussen entweder hallef ageschriwwen oder ganz Deeg ageschriwwe sinn a mussen do sinn, mä datt een och wierklech déi Stonne kann an Usproch huelen, déi och wierklech gebraucht ginn, a wou net dann d'Eltere soen: Ma mir loossen d'Kand do, mir hu bezuelt, also gi mer et och eréischt sichen, wa bis déi Zäit eriwwer ass. Mer hu gemengt, datt dat awer wichteg wier.

Ech mengen et ass och interessant, datt Der déi Ziffere genannt hutt, datt dat hei 55 Milliounen Euro kascht, well et hat ee bal dat Gefill, wann ee verschidde Saachen hei nogelauschtert huet, wéi wann dat do esou eng Nullrunde wier, déi mer hei géife maachen. Wann eppes esou deier kascht, dann denken ech awer, datt et och gutt ass, datt jiddferée sech dat emol eng Kéier duerch de Kapp goe léisst, fir och ze weisen, datt dat jo net grad esou ass.

Dir hat eng Fro gestallt vun där et interessant wier, wa mer eis eng Kéier méi géifen doriwwer ënnerhalen an dann och kucken, zu wat fir enge Resultater datt mer kéimen, an dat ass déi, wat fir eng Familljepolitik datt mer wëllen. Wëlle mer Geld oder wëlle mer Infrastrukturen? An da wonneren ech mech jo feststellen, datt dann awer, soubal wéi gesot gëtt, elo désindexéiere mer d'Kannergeld, den Zodi lassgeet fir ze soen, wéi ongerecht datt dat ass a wéi onsozial datt dat ass a wéi schrecklech onfamilljefrëndlech datt dat ass fir...

(Interruption)

Neen, neen, neen, ech hu jo net gesot, datt Dir dat sot. Mir konnte jo net nëmme mat lech eleng eng Diskussioun doriwwer féieren an och Konklusiounen zéien.

(Interruption)

Et wier vläicht méi einfach. Mä awer, doriwwer eng ofschléissend Meenung eng Kéier ze kréien an ze mierken, datt dat... Jiddferée fënnt jo, datt ee kee Kannergeld oder datt dee kee Kannergeld bräicht, deen en hallwen Euro méi verdéngt wéi hien, mä wann s de drënner ufänks, da geet awer den Zodi lass fir ze soen: Ah, dat doten ass awer falsch! Elo hutt Der awer erëm déi falsch Leit domadder erreecht. Dofir mengen ech, datt dat wierklech der Méi wäert wier, fir ze kucken, wou mer do an deenen nächste Jore virufueren.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt een och an deenen nächste Joren op zwee, dat heescht och op dräi Niveaue bleift. Dir wësst, datt mer amgaang sinn, oder datt am Finanzministère amgaang ass gepréift ze ginn, wéi et mam Crédit d'impôt ass, wéi een dee kann aféieren a wéi een domadder och méi sozialgerecht Politik ka maachen, besonnesch och fir d'Familljen.

Op där anerer Säit mengen ech awer, datt een net definitiv kann op Kannergeld verzichten, am Ganze kann drop verzichten, oder och nëmmen net soll soen, dat ass eppes wat nëmme Leit kréien, déi vun engem bestëmmten Niveau sinn, well ëmmer Leit, déi Kanner hunn, méi Ausgaben hu wéi déi, déi keng Kanner hunn.

Ech sinn awer absolut domat d'accord, datt d'Kanner e ganz anere Wäert hunn a sech, an ech fannen et ëmmer schued, datt eigentlech datt ëmmer nëmmen esou duergestallt gëtt, wéi wann et eppes wier mat deem ee just Aarbecht hätt a wat ee just géif Sue kaschten. De Wäert a sech vu Kanner ass jo esou eppes vun onbeschreiflech, datt en net ka mat Geld aus- an opgemooss ginn.

Da wollt ech och dozou soen, datt d'lescht Joer am Kader vun de Budgetdiskussionen d'Demokratesch Partei gefrot hat fir d'Transfertleeschungen nozekucken. Ech wëll och do soen, datt mer där Demande - also där Motioun, déi mer ugeholl hunn - selbstverständlech och nokommen an datt mer de Moment amgaang sinn, och mam Conseil économique et social ze kucken, fir gemeinsam och do e Wee ze fannen, wou ech awer net iwwermuer hei eng Äntwert ka ginn, well et eppes ass, wou ech wierklech och gären hätt, datt et méi laangfristeg géif gekuckt ginn.

Mir hunn hei ëmmer Problemer. Et ass esou wéi bei där Etüd iwwert de Congé parental. Da musse mer no zwee Joer kucken, wat dobäi erauskomm ass. Zwee Joer sinn dann

awer esou eng kuerz Zäit, datt ee beim beschte Wëllen net ka soen, dat ass elo dat wat zielt, mä datt ee wierklech vläicht souguer iwwert dës Period erauskënnt fir ze soen, dat dote sinn déi richteg Resultater, déi mer brauchen, wann ee wëllt de Logement mat dran huelen, wann ee wëllt d'Studië mat dran huelen, wann ee wëllt eng ganz Partie vun anere Saache mat dran huelen, déi net onbedéngt elo direkt vu sozialen Transferten ofhänken, déi elo mat mir eppes ze dinn hunn oder déi mam Familljeministère eppes ze dinn hunn, fir datt een dann awer wierklech eng Kéier dat richteg géif erkennen.

Ech géif just wëllen, ouni op déi aner Froen a Punkte vum Här Jaerling anzegoen, dem Här Jaerling soen, datt eng elengerzéiend Mamm hire Congé parental kann huelen, wéini datt se e wëllt huelen. An dat stoung ewell an deem viregte Gesetz. Et ass also näischt Neies, näischt Schlechtes an näischt Aneschters wat mer aféiere wéi dat, wat doranner war. Een elengerzéienden Elterendeel muss net uschléissend un de Congé de maternité säi Congé parental huelen. E kann en huele bis d'Kand fënnef Joer al ass.

Dat wëll ech eng Kéier hei gesot hunn, well ech net weess, wou déi Hérésie do hierkënnt. Den Här Jaerling hat sécher e Fall, wou en dat erlieft huet an hien erzielt eis deen dann elo.

Här President, wann Dir dermat d'accord sidd, datt en d'Wuert huet?

» M. le Président.- Jo, selbstverständlich, wann Dir d'accord sidd.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Madame Buergermeeschter, mir schwätzen hei vun deene Mammen, deenen hir Kanner deemools nach keng...

(Brouhaha général)

Madame Minister!

(Hilarité)

Meng Buergermeeschtesch geet mir einfach net aus dem Kapp!

Mir schwätzen hei bei deem Congé parental, deen nei ass, vun deene Mammen, deenen hir Kanner deemools nach keng fënnef Joer haten. Déi sollen dann elo de Congé parental huele mat dräi Méint an net bezuelt.

Dir wäert dach net mengen, dass do iergendeng Mamm higeet an et sech ka leeschten, emol nëmmen eng Woch doheem ze bleiwen ouni ee Su.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Also ech si souwisou jo gespaant, vu datt mer jo sou laang Zäit gebraucht hunn, bis mer dat hei ëmgesat hunn, da sinn där doter Fra hir Kanner mëttlerweil wahrscheinlech aacht bis néng oder zéng Joer al.

Ech weess net, ob et do nach ganz sënnvoll ass fir dann nach vun engem Congé parental ze schwätzen. Mä iwwer alles kann ee jo awer schwätzen.

(Hilarité)

An domadder wollt ech lech Merci soen. Ech si wierklech frou, datt dee Congé parental generell esou e grouse Succès huet, datt och esou vill Pappen dovunner profitéieren an datt mer wierklech och alles maache fir der och nach méi ze begeeshteren, fir dovunner ze profitéieren.

Et ass eng wichteg Erfahrung fir d'Mammen. Et ass eng wichteg Erfahrung fir d'Pappen. Et ass wichteg fir d'Kanner. A mer soe jo ëmmer, dat Kostbaarest, wat mer hätten, dat wären eis Kanner. Also solle mer och deene Pappen alleguerten d'Geleeënheet ginn, an ech hoffen, datt mer all déi Patronë vun eppes Besserem iwwerzeegt kréien, déi op där anerer Säit sinn, well et geet jo schliesslech do och ëm d'Zukunft vum Land.

Mir hu keng Consommateure méi, mir hunn näischt méi a mir bräichten och keng Industrie méi, wa mer op eemol keng Kanner méi hätten, déi do wären an déi also och hei am Land géife wëlle consomméieren, respektiv vun anere Servicier Gebrauch maachen. Dofir villmools Merci fir dee positive Vote vun dësem Gesetz.

» Plusieurs voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Jo, Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Ech kann dat net stoe loossen, wat d'Madame Minister elo hei gesot huet.

Och wann där Fra hir Kanner elo aacht Joer hunn, dann huet se e Recht op dee Congé parental. A wann deemools dee Congé parental esou agefouert gi wär, wéi en

eigentlech virgesat huet, dass jiddferéen dee Congé parental kritt hätt, deem seng Kanner keng fënnef Joer hätten, dann hätt déi Fra jo de Congé parental och kritt, rémunériert, sechs Méint. Menger Meenung no huet se en dann elo och zégt.

Déi zweet Saach ass einfach och nach déi, dass mer net nëmmen eng Verfassungsklo riskéieren, mä mer riskéieren och nach virum Europäesche Gerichtshaff ugeklot ze ginn, well ganz kloer am Accord-cadre steet, dass d'Emännerung vun dësem Gesetz net duerf benotzt gi fir bestehend Rechter ze verschlechteren. An dat gëtt hei mat deem Gesetz gemaach, esou dass ech lech elo scho ka versprechen: Also déi Klo, déi kritt Der!

» M. le Président.- D'Madame Minister nach eng Kéier.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Et ass awer eng lieweg Debatt. Dat ass awer dat mannst, wat ee muss soen.

Här President, ech wëll soen, datt heibäi näischt verschlechtert ginn ass bei deem, wat e virus bestehend Gesetz war. An dofir gesinn ech net an, firwat datt den Här Jaerling esou vehement de Mëtteg hei ass fir ze soen, all déi, déi hei dat Gesetz elo géife stëmmen, wäere fir eng Verschlechterung. Dat ass iwwerhaapt net wouer. Et ass eng zousätzlech Méiglecheet derbäikomm, mä et ass kengem eppes ewechgeholl ginn.

(Brouhaha général et hilarité)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt ass elo eriwwer a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5161 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marc Spautz), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

(Interruption)

Här Jaerling, d'Debatt ass ofgeschloss!

(Hilarité)

Mir kommen elo zum Projet de loi 5624, deen d'Holdingsgesetz ëmännert. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Thiel, den Här Meisch, den Här Fayot an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

2. 5624 - Projet de loi abrogéant:

- la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies),

- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 concernant les sociétés holding, pris en exécution de l'art. 1^{er}, 7^o alinéas 1 et 2 de la loi du 27 décembre 1937,

- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 décembre 1938 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding Companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à 24.000.000 euros au moins,

- la loi modifiée du 12 juillet 1977 modifiant et complétant a) la loi du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) modifiée par l'article 21 de la loi du 29 décembre 1971 et b) l'arrêté grand-ducal du 17 décembre 1938, sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (holding companies) qui reçoivent des apports comprenant l'avoir d'une société étrangère s'élevant à un milliard au moins, modifié par l'article 22 de la loi du 29 décembre 1971,

- le règlement grand-ducal du 29 juillet 1977 fixant le minimum du capital social libéré dont doit disposer une société holding pour être admise au bénéfice des dispositions fiscales de l'article premier de la loi du 31 juillet 1929,

- la loi du 21 juin 2005 portant modification de l'article 1^{er} de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)

et fixant une période transitoire jusqu'au 31 décembre 2010 pour le maintien temporaire de ces régimes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen datt dëse Projet manner spektakulär ass wéi dee virdrun, och fir manner Welle wäert hei an dësem Haus suergen.

Et geet also hei ëm d'Ofschafung vum Holdingstatut an de Projet, dee mer de Mëtten hei sollen diskutéieren, ass a sech deen éischte Schratt, dee sech aus der Décisioun vum 19. Juli 2006 vun der Europäescher Kommissioun ergëtt.

Deen zweete Schratt ass entre-temps och scho vun der Regierung ëmgesat ginn, andeems den zoustännege Minister de Projet de loi iwwert d'Créatioun vun enger sou genannter Société de gestion de patrimoine familial op den Instanzewee bruecht huet, mat deem mer eis sécherlech an deenen nächste Wochen a Méint wäerten och an dësem Haus méi intensiv befaassen.

Ier ech op déi verschidden Dispositione vun dësem Projet aginn, erlaabt mer e ganz kuerzen historeschen Exkurs.

Den Holdingsregime, deen duerch e Gesetz vun 1929 an d'Liewe geruff ginn ass, wäert also vum 1. Januar 2007 un net méi existéieren, mat Ausnahm fir déi Holdinggesellschaften, déi bis zum 20. Juli 2006 gegrënnt gi sinn an déi nach vun lwwerganksbestëmmunge kënne profitéiere bis zum 31. Dezember 2010.

Wéi ass et zu där Décisioun vun der Europäescher Kommissioun komm?

Et muss een hei nach eng Kéier an Erënnung ruffen, datt a sech den Holdingsregime scho säit ongeféier aacht Joer am Kräizfeier vun der Kritik vun der Europäescher Unioun steet. D'Kritiken, déi ëmmer erëm virbruecht gi sinn, sinn eigentlech vun enger duebeler Natur.